piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Reegelméisseg kënnt et op der Avenue de l'Europe (N31) zu Péiteng am Beräich tëschent dem Tunnel Biff an dem Tunnel beim Wax, direkt no der Collectrice (A13), zu Accidenter. An der Vergaangenheet goufen et op dësem Ofschnëtt leider och schonn déidlech Accidenter. Dëst leit leider och do drun, dass hei verschidde Leit mat ze héijer Vitesse fueren, wat virun allem an der Nuecht ze gesinn ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass et méiglech, fir op dësem Streckendeel ee Radar z'installéieren?
2. Falls jo, wäert ee Radar op dësen Streckendeel vun der Collectrice installéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés